Syndicat d'Initiative et du Tourisme a.s.b.l.
Aerenzdallgemeng
(Medernach, Savelborn, Ermsdorf, Eppeldorf, Stegen, Folkendange, Keiwelbach)

p/a Kengert
L-7633 Medernach

web : www.medernach.info

RCS no F9024
Aer Kontakter 2018 :
Président Pit Friederes Tel. 691-867753
Secrétaire Linda Gedink Tel. 837186 Fax. 878323, e-mail : contact@medernach.info
Trésorie : BCEE Feels : IBAN LU28 0019 3755 8169 6000
BIL Mersch : IBAN LU51 0023 0100 3545 5400

Sponsoring Dossier

"Weekend Lëtzebuerger Produkter zu Medernach – mir maachen gudd Saachen, kommt kucken an schmaachen".

2018 as déi 29.en Editioun an gët den 1. an 2. September an der Sportshaal zu Medernach ofgehalen. Dir fannt Biller op www.medernach.info

LETZEBUERGER PRODUKTER ZU MIEDERNACH

1. Presentatioun vun der Ausstellung

2018 as déi 29e Editioun vun der eenzegaarteger Foire mat Lëtzebuerger Produkter zu Medernach.
Et sin Aussteller vun Lëtzebuerger Produkter déi Guddes produzéieren, vum gudde sëffege Lëtzebuerger Béier, iwwert d'Quetschekraut bis bei eis gudd Ham. Och aus de Regiounen, wéi de Mëllerdall, d'Our, der Musel a vu rondrëm de Stausee gëtt et eng Hällewull flott an originell Wueren, déi mat vill Léift produzéiert gi.
D'Visiteure kënnen d'Produzente perséinlech kenneléieren, hier Produkter schmaachen an natierlech och kafen. Den Entrée as fräi.

2018 ass och Show-Cooking an der Hal virgesinn, mat Produits'en vun den Aussteller.

Dei offiziell Ouverture fënd Samsdegs um 16.00 Auer statt, mir erwaerden verschidden Eiregaescht aus der Regierung an der Regioun. D'Expositioun ass dann op bis 22.00 Auer, Sonndes vun 10.00 bis 20.00 Auer.

Béid Deeg gët et Animatiounen, Musik an et ginn typësch Lëtzebuerger Spezialitéiten ugebueden, wéi Stäerzelen an Tierteg.

2. Public

Jiddereen ass natierlech um Weekend vun den Lëtzebuerger Produkter häerzlech Wëllkomm, den Public stellt sech zesummen aus Familljen mat Kanner an stänneg Läit, fir munch én as den Rendez-Vous zu Medernach zum feste Bestanddeel vum Kalenner gin.

3. Kommunikatiounsplang

3.1. Dépliant full colour am corporate design vum Office Régional de Tourisme Müllerthal Petite Suisse Luxembourgeoise : 9000 Stéck



- un 4000 perséinlech Adressen am ganze Land, eng Datenbank déi an 25 Jaaren stänneg opgebaut an gepleegt gouf.
- mat engem 'envoi à tous les ménages' mat der Post un 3500 Haushalten an der Aerenzdallgemeng, an den Gemengen Larochette, Waldbillig, Heffingen, Nommern.
- 1500 un Syndicats d'Initiative mat engem Touristebureau

3.2. Publi-Reportage am "Luxemburger Wort" iwwert 2-3 Säiten den Mëttwoch virun der Ausstellung

3.3. Radio-Spots op RTL, "dësen Message gouf Iech offréiert vun …" 15 Spots vun 25'' iwwert déi dräi Deeg virun der Ausstellung verdeelt (gët réaliséiert wann mer e Sponsor derfir fannen).

3.4. Internet & Facebook
www.medernach.info www.facebook.com/EventsAerenzdall

4. Sponsoring

Et géif eis fre'en, wann Dir eisen Programm ergänzen wëllt andeems Dir eng vun den Meiglechkeeten als Sponsor bestellt.

4.1. Einfachen Don op én vun eisen Konten

Wann Dir wëllt genannt gin als Donateur op eiser Internet & Facebooksäit, dann sot eis Bescheed.

4.2. Eng Annonce am Publi-reportage am Lëtzebuerger Wort, den an den leschten Joren e vollen Erfolleg fir déi bedeelegd Geschäftsleit gin as an eis vill Visiteuren bruecht huet.
Parutioun : Mëttwoch, 29. August 2018
Präisser : ab 97.50 eur (+TVA 17%)
D'Praisser an d'Formater fannt Dir an der Annexe, Dir misst do och den Formulaire fir d'Imprimerie Saint Paul ausfellen.

4.3. Ophänken vun Aerem Calicot/Roll-Up/Beach-Flag bei der Ausstellung

à 100.- eur pro Element, am Viraus ze bezuelen, de Sponsor muss de Calicot/Roll-Up/Beach-Flag selwer zur Verfügung stellen an op d'Plaatz bréngen.

4.4. eenzeg Reklamm hannen op den 'bons de consommation' à 600 Stëck

à 400.- eur, am Viraus ze bezuelen

4.5. eenzeg Reklamm hannen um Dépliant full colour am corporate design vum Office Régional de Tourisme Müllerthal Petite Suisse Luxembourgeoise à 9000 Stéck

à 950.- eur, am Viraus ze bezuelen

4.6. Ennerstëtzung vun den Radio-Spots op RTL : "dësen Message gouf Iech offréiert vun …" 15 Spots vun 25'' iwwert déi dräi Deeg virun der Ausstellung verdeelt.

à 1900.- eur, am Viraus ze bezuelen

5. Kontakter :

Président Pit Friederes Tel. 26 87 00 75 / 691-867753
Secrétaire Linda Gedink Tel. 837186 Fax. 878323, e-mail : contact@medernach.info

BCEE Feels : IBAN LU28 0019 3755 8169 6000
BIL Mersch : IBAN LU51 0023 0100 3545 5400

Umeldungsbon : annexe